N°1859
Entrée le 29.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 29.01.2025

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29. Januar 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Den honorabelen Deputéierte Ricardo Marqués sot den 22. Januar 2025 a senger Ried zur Interpellatioun vun der honorabeler Deputéiert Francine Closener iwwer déi ëffentlech Europaschoulen: *"Den Enseignement vun der Lëtzebuerger Sprooch an den ëffentlechen internationale Klassen ass eng essenziell Komponent vun der kultureller a virun allem sozialer Integratioun. An den ëffentlechen Europaschoule gehéiert den Unterrecht an der Lëtzebuerger Sprooch vum éischte Joer an der Grondschoul bis an dat drëtt Joer am Secondaire zum obligatoresche Programm. An anere Wierder: Eis Lëtzebuerger Sprooch ass am internationalen ëffentleche Lycée en obligatorescht Fach am Cycle inférieur vun S1-S3. Mee och wann dat Fach obligatoresch ass, zielt dat Fach net, fir d'Moyenne ze etabléieren. Ech wëll net all Schüler hei an en Dëppe geheien, mee meeschtens ass et sou: Wann s de bis weess, datt e Fach net fir d'Moyenne zielt, da geet d'Motivatioun vun de Schüler heiansdo ferm erof."*

An deem Kontext hunn ech follgend Fro un den Här Minister:

1) Wéi steet den Här Minister zur Iwwerleeung, datt d'Fach Lëtzebuergesch am Cycle inférieur vun den ëffentlechen Europaschoule bei der Berechnung vun der Moyenne mat berécksiichtegt sollt ginn, fir op déi Aart a Weis d'Motivatioun vun de Schüler ze stäerken, eis Nationalsprooch esou gréndlech wéi méiglech ze léieren?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten
ADR-Fraktiounspresident

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1859 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

Fir d'éischt wéilt ech den honorabelen Deputéierten drop hiweisen, datt an de Klassen S1-S3 vun den Europaschoule keng Moyenne vun de Fächer gerechent gëtt, dëst am Géigesaz zu den nationale Klassen.

Op där anerer Säit ass et effektiv esou, datt am Promotiounssystem d'Lëtzebuergescht net berücksichtegt gëtt fir d'Kompenséieren. De Grond dofir ass, datt an eisen ëffentlechen agreéierten Europaschoulen dat Fach zousätzlech ënnerriicht gëtt, entspriechend dem Agrement, dee fir déi Schoule gëllt. Am Bewäertungssystem (*Règlement général des Écoles européennes*) ass et net virgesinn.

Lëtzebuerg, den 21. Februar 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH